LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l’Enfance et de la Jeunesse

**Dossier de presse**

# *Lies de bal*

## Nouveau manuel scolaire de luxembourgeois pour les classes inférieures de l’ES-EST

**23 septembre 2014**

## *Lies de bal*

## Nouveau manuel scolaire de luxembourgeois pour les classes inférieures de l'ES-EST

Le ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse annonce la publication du nouveau manuel scolaire de luxembourgeois «Lies de bal», qui figure au programme obligatoire des classes de 7$^{e}$ de l'enseignement secondaire (cours de luxembourgeois) et secondaire technique (cours d'allemand-luxembourgeois) à partir de la rentrée 2014-2015.

Le manuel recueille une quarantaine de textes en langue luxembourgeoise, dont notamment des extraits de livres ou de bandes dessinées, des récits et des chansons.

L'édition reliée compte 200 pages et se présente au format 180 x 200 mm. Co-éditée par les maisons Éditions Guy  Binsfeld et Éditions Saint-Paul, elle est vendue dans les librairies au prix de 29 euros.

« Lies de bal » s'adresse aux classes inférieures, donc aux élèves de 12 à 15 ans. En 2012, le ministère avait déjà publié l'anthologie trilingue « Literaresch Welten » pour l'enseignement de la littérature luxemburgeoise aux classes supérieures de l'enseignement secondaire.

Le manuel « Lies de bal » a été élaboré par un groupe de travail du Service de coordination de la recherche et de l'innovation pédagogiques et technologiques (SCRIPT) du ministère, en collaboration avec le Centre national de littérature » (CNL), l'Institut national des langues (INL) et le Conseil permanent de la langue luxembourgeoise (CPLL).

Outre sa fonction de manuel scolaire, « Lies de bal » vise à promouvoir l'intérêt pour la langue luxembourgeoise et à rendre les textes dans cette langue plus accessibles au grand public.

La plupart des textes sont des textes récents. Pour maintenir cet aspect d'actualité, il est envisagé de rééditer le recueil tous les cinq ans, en remplaçant au moins un tiers des textes.

## *Lies de bal*

## En neit Schoulbuch mat Lëtzebuerger Texter fir déi ënnescht Klasse vum ES-EST

Den Educatiounsministère annoncéiert d'Publicatioun vun engem Schoulbuch mat Lëtzebuerger Texter fir déi ënnescht Klasse vum Secondaire a Secondaire technique. Dat Buch „Lies de bal“ ass vun 2014-2015 un en obligatorescht Schoulbuch op de 7en ES am Fach Lëtzebuergesch an op de 7en EST am Fach Däitsch-Lëtzebuergesch.

„Lies de bal“ ass e Liesbuch mat iwwer 40 Texter a Lëtzebuerger Sprooch. Et ass gebonnen am Format 180 x 240 mm an huet 200 Säiten. D'Buch ass eng Koeditioun vun den Editions Guy Binsfeld an den Editions Saint-Paul. Et gëtt an de Librairië verkaaft fir 29 Euro.

No der Anthologie „Literaresch Welten“ fir den Enseignement vun der Lëtzebuerger Literatur an dräi Sproochen fir déi iewescht Klassë vum Secondaire, déi den Educatiouns-Ministère 2012 erausginn hat, ass „Lies de bal!“ eng Sammlung vun Texter op Lëtzebuergesch fir déi ënnescht Klassen. Et ass also geduecht fir d'Schüler am Alter vun 12 bis 15 Joer.

Dat Liesbuch ass vun engem Aarbechtsgrupp vum SCRIPT ausgeschafft ginn, mat der Berodung vum „Centre national de littérature“ (CNL), dem „Institut national des langues“ (INL) an dem „Conseil permanent de la langue luxembourgeoise“ (CPLL).

„Lies de bal!“ ass net nëmmen e Schoulbuch, mee ass an engems konzipéiert fir den allgemengen Interessi fir d'Lëtzebuerger Literatur ze fërderen an d'Texter enger méi breeder Lieserschaft zougänglech ze maachen.

Déi meeschten Texter si rezent geschriwwe ginn. Fir deen Aspekt vun Aktualitéit bäizebehalen, ass geplangt, all fënnef Joer eng nei Editioun ze maachen, wou op d'mannst en Drëttel vun den Texter duerch neier ersat ginn.


CHOUL
Lies de bal
Lëtzebuergesch Texter
BANSKI

# Virwuert vum Claude Meisch, Educatiounsminister

Et ass ëmmer schéin, d'Publicatioun vun engem Schoulbuch z'annoncéieren. Dat ass grad da wouer, wann et ëm e Liesbuch geet, well jo kee méi brauch z'ënnersträichen, datt een iwwert d'Liesen säi Wëssen a Kënnen an enger Sprooch entwéckelt a virunentwéckelt.

„Lies de bal" ass e Buch mat Texter a Lëtzebuerger Sprooch, déi ausgewielt si gi fir Jugendlecher vun 12 bis 15 Joer, also fir d'Schüler op den ënneschte Klassen vun de klasseschen an den technesche Lycéeën. Et steet och eng Explicatioun dran iwwert déi wichtegst Regele vum Schreiwen am Lëtzebuergeschen.

Mat deem heite Buch gëtt e Lach gefëllt tëscht deene Liesbicher, déi mer soss hu fir eis Kanner a Jugendlecher. An der Grondschoul ginn déi zwéi Bänn vum „Lies a fléi" en ausféierlechen an ëmfaassenden Iwwerbléck iwwert d'Texter, déi a Lëtzebuerger Sprooch geschriwwe ginn a geschriwwe gi sinn. Och esou en Iwwerbléck, op engem aneren Niveau, erlaabt d'Anthologie „Literaresch Welten" mat Texter vu Lëtzebuerger Auteuren an dräi Sproochen, déi 2012 erauskoum. Déi ass geduecht fir den Enseignement vun der Lëtzebuerger Literatur op den ieweschte Klasse vum Secondaire. „Lies a fléi", „Lies de bal" an d'Anthologie erlaben et, datt d'Schüler vum Lëtzebuerger Schoulsystem iwwert hir ganz Schoulcarrière d'Texter vun den Auteure vun heiheem kenneléieren.

Dat heite Buch huet <u>net</u> den Usproch, en Iwwerbléck ze ginn oder representativ fir eng ganz Zeen ze sinn. „Lies de bal" ass e Recueil vu meeschtens rezente Texter, déi deene jonke Lieserinnen a Lieser Iddi solle ginn um Liesen op Lëtzebuergesch. Dofir ass et e Buch, mat net zevill Säiten an engem flotte Konzept, dat gutt gëeegent ass, fir et och an der Fräizäit an de Grapp ze huelen.

Fir d'Aktualitéit vun der Auswiel ze halen, ass virgesinn, all fënnef Joer eng nei Editioun ze maachen, wou dann op d'mannst en Drëttel vun den Texter duerch neier ersat ginn.

Wéi d'Anthologie ass „Lies de bal" net nëmmen e Schoulbuch, mee an engems konzipéiert, fir den allgemengen Interessi un der Lëtzebuerger Literatur ze férderen. Et kann een déi Bicher an de Librairië kafen a se sinn interessant fir all Mënsch, deen un der Lëtzebuerger Literatur interesséiert ass.

Dat Liesbuch ass vun engem Aarbechtsgrupp vum SCRIPT (***Service*** de Coordination de la Recherche et de l´Innovation pédagogiques et technologiques) vum Educatiounsministère ausgeschafft ginn. Matgehollef hunn de Centre national de littérature an den Institut national des langues. An eng Partie Jugendlecher vun 12 bis 15 Joer hunn d'Texter gelies an hir Meenung dozou ginn, ier se definitiv an d'Selektioun opgeholl gi sinn.

Ech soen hei all deene Leit villmools Merci fir déi Aarbecht. E Merci och un déi dee zwee Editiounshaiser, Binsfeld a Saint-Paul, déi d'Realisatioun iwwerholl hunn. An da wënschen ech all deene jonke Lieserinnen a Lieser an hiren Enseignante vill Freed bei der Decouverte vun deenen Texter.

## Präzisiounen zur Schreifweis

Am Sënn vun der Vereenheetlechung, besserer Liesbarkeet, awer virun allem aus pädagogesch-didaktesche Grënn sinn an dësem Liesbuch sämtlech Texter am Respekt vun der offizieller Lëtzebuerger Orthographie publizéiert (Règlement grand-ducal vum 30. Juli 1999).

Dobäi gouf vum Prinzip ausgaangen, nëmmen esou vill wéi néideg an esou mann wéi méiglech an d'Original-Texter anzegräifen. Jiddefalls ass dobäi zu kengem Ament dem Auteur seng schrëftstelleresch Fräiheet oder Kreativitéit beréiert ginn an et goufen deemno och sämtlech Varietéite vun der Lëtzebuerger Sprooch an hirer spezifescher Originalitéit akzeptéiert.

D'Zeechesetzung orientéiert sech un der däitscher Interpunktioun, wéi se duerch déi nei Rechtschreiwung geregelt ass.

Well d'Anthologie bewosst als Schoulbuch konzipéiert gouf, huet et sech aus unterrechtspraktesche Grënn ugebueden, déi eenzel Texter no hirer Grondthematik ze regruppéieren.

Dës Andeelung ass awer weder eng literaresch Klassifizéierung nach eng entspriechend (Be-)Wäertung, mee ze gesinn als Orientéierungshëllef beim konkrete Schaffe mat den Texter an der Klass. Dobäi ass gewosst, datt en Text nieft sengem Haaptsujet duerchaus och nach weider Aspekter behandele kann an datt et an deem Sënn och alt emol zu thematesche Iwwerschneidunge mat aneren Texter (vun aneren Auteuren) komme kann.

D'Texter an de Bande-dessinéeën sinn net an déi offiziell Orthographie gesat ginn.

## Kuerzbiographië vun den Auteuren aus dem Liesbuch

D'Biographië vun den Auteure baséieren op dem *Luxemburger Autorenlexikon*, erausgi vum *Centre national de littérature* (www. autorenlexikon.lu).

**Alain Atten** (*1938)

Den A. A. huet als Archivar am Lëtzebuerger Nationalarchiv geschafft. Zënter den 1960er Joren huet en eng sëllech Beiträg iwwert d'Landes- an d'Lokalgeschicht an zur Linguistik a verschiddenen Zäitschrëfte publizéiert. De Schwéierpunkt vu senger Aarbecht läit op der Dokumentatioun an dem Erhale vu regionale Sproochvarianten. Säi literarescht Schaffen ass enk mat sengem linguisteschen an historeschen Interessi verknäppt. En huet den Text zur Geschicht *De Klëppelkriich a Biller,* mat Illustratioune vum Marcel Scheidweiler, geschriwwen. En ass virun allem als Duerftheaterauteur bekannt, hien huet ë. a. *D'Jonggesellekëscht* (1983), *Polferkäpp* (1991) geschriwwen.

**Lucien Blau** (*1953)

De L. B. huet Geschicht enseignéiert. Seng wëssenschaftlech Bäiträg a verschiddenen Zeitunge befaasse sech mam Nationalsozialismus, der Resistenz, dem Antisemitismus an dem Rietsradikalismus. Den zweete Schwéierpunkt vu sengem Interessi ass d'Industrie- an d'Sozialgeschicht vun der Stad Diddeleng. Hien huet zwee autobiographesch Bänn mat Geschichte publizéiert: *Mam Schucos-Auto an den Zinema Royal* (2007) verzielt Kannererliefnesser a *Mat der Döschewo bei de Mao Tse-Tung* (2013) beschreift Jugenderfahrungen an d'Zäit vum politeschen Engagement.

**Josy Braun** (1938-2012)

De J. B. huet fir d'lescht beim *Tageblatt* als Journalist geschafft, e war Rezensent, Kulturkritiker a Schrëftsteller. An den 1960er Joren huet e mat Gedichter op Däitsch a Kuerzerzielungen ugefaang, ier e sech un den dramatesche Genre ginn huet a virun allem op Lëtzebuergesch geschriwwen huet: Theaterstécker, Cabaret, Gedichter, Prosa an ë. a. och Kriminalromaner. Säi *Porto fir d'Affekoten* (1997) ass deen éischte Krimi op Lëtzebuergesch. Als Kanner- a Jugendbuchauteur sinn dem J. B. déi tëschemënschlech Bezéiungen an déi humanistesch Idealer wichteg.

Den J. B. huet sech fir d'Fleeg an d'Verbreedung vum Lëtzebuergeschen agesat. Hien huet dozou ë. a. och säi klengt Léierbuch *Eis Sprooch richteg schreiwen* (1986-2013; 18 Oploen) erausginn.

**Nico Brettner (*1974)**

Den N. B. ass Informatiker. Hie schreift an illustréiert Kanner- a Jugendbicher op Lëtzebuergesch ë. a. *Wie spillt mat?* (2008), *Lëtzebuerger Volleksmäercher a Seechen* (2009). 2013 huet hien de Roman *Eng Hacker Geschicht* publizéiert.

**Cathy Clement** (*1979)

D'C. C. schafft als Krankeschwëster. Si huet dräi Jugendromaner op Lëtzebuergesch an op Däitsch veräffentlecht, an deene si d'Ängschten an déi jugendlech Liewensweise vu Meedercher um Iwwergank an d'Erwuessenewelt beschreift an dobäi déi klengbiergerlech lëtzebuergesch Mentalitéit kritiséiert. Hiren Debutroman *Aleng* huet d'Schrëftstellerin mat 16 Joer geschriwwen. Drogen, Alkohol, Schwangerschaft, Familljen- a Schoulkonflikter souwéi d'Adoleszenz-Kultur vun den 1990er Jore sinn hir Haaptthemen. Déi formal Diversitéit (Dagebuch, Gedichter, Zeechnungen) vun den Texter ass charakteristesch fir hiert Schreiwen.

**Lucien Czuga (*1954)**

De L. C. schafft zënter 1980 an der Publicitéitsbranche. Als Comic-Szenarist ass hie ganz bekannt duerch d'Serie *De Pechert* an *De Superjhemp* (27 Bänn vun 1988 bis 2013), déi en zesumme mam Cartoonist Roger Leiner veräffentlecht.

**Dëppegéisser**

Den *Dëppegéisser* als Beruf fass haut ausgestuerwen. Hien huet seng Déngschtleeschtunge vun Dier zu Dier ugebueden. Haut erënnert d'Musekgrupp *Dëppegéisser* un dëst alt Handwierk.Dee Grupp huet 2012 eng CD „Ongeschlaff" publizéiert mat populäre Lidder, déi och op Jéinesch gesonge ginn, wéi den Numm vun der Grupp et undeit.

Internetsäit: www.deppegeisser.lu

**Christiane Ehlinger** (*1947)

D'Ch. E. huet als Léierin geschafft. Si schreift zënter 1998 Gedichter a Kuerzgeschichte op Lëtzebuergesch, déi multimedial an interaktiv rezipéiert kënne ginn. Dës Diversitéit weist sech beispillsweis bei der Erzielung *Rivennah,* zu där et e Lauschtertext an eng Videoanimatioun gëtt. Beim Theaterstéck fir Kanner *Kloni Klunnes*, dat 2002 beim *Concours littéraire national* ausgezeechent gouf, gëtt et e Molbuch an e Musical.

**Tullio Forgiarini** (*1966)

Den T. F. schafft als Lycéesproff. A senge Kriminalromaner op Franséisch beschreift en déi donkel Säite vun der klengbiergerlecher Gesellschaft zu Lëtzebuerg, d'Problematik vun den illegalen Immigranten, dem Menschen- a Fraenhandel grad ewéi d'Korruptioun an d'Schäinhellegkeet. De Roman *La ballade de Lucienne Jourdain* gouf 2000 beim Literaturconcours *Libertés* vun der Vereenegung *Liberté de Conscience* ausgezeechent.

Fir säin *Amok – eng Lëtzebuerger Liebeschronik* krut *den T. F. de* Literaturpräis vun der Europäischer Unioun 2013 an d'Buch gëtt vun der Lëtzebuerger Produktiounsfirma *Irisproduction* unter der Regie vum Donato Rotunno ënnert dem Titel „Ouni d'Hänn" fir de Kino verfilmt.

**Nico Graf** (*1955)

Den N. G. schafft als Journalist beim Radio, Reporter a fräien Auteur an Däitschland; zënter 2004 ass hie Redakter bei RTL. Als Lyriker huet hie mam Gedichtband *Ins Auge fassen* ugefaang. D'Entfriemung vum Mensch vu senger Aarbecht, faschistesch Relikter am Alldag an an der Sprooch, politesch legitiméiert Gewalt, Erënnerungen un de Krich a Krankheete sinn Ausdrock vu senger Ideologiekritik, déi e mat Elementer vun der Popliteratur an der *Neuen Subjektivität* verbindet. Den N. G. schreift ausserdeem Reesliteratur fir Anthologien an Zäitschrëften.

**Pol Greisch** (*1930)

De Pol Greisch war Fonctionnaire. Säi Liewen ass enk mam Theater verbonnen. E stoung souwuel mat eegenen Theaterstécker wéi och an däitsch- oder franséischsproochege Produktiounen op der Bühn.

Mat sengem Stéck *Äddi Charel* hat en 1966 säin Debut beim Theater, dono koumen *Besuch*, *Grouss Vakanz, Margréitchen*, *E Stéck Streisel.* Seng Stécker spillen dacks an der enker Lëtzebuerger Gesellschaft a weise Klengbierger an hirem banalen Alldag an hir Onfähegkeet, aus de Contraintë vun hirem Milieu erauszekommen. Mat Humor a Melancholie zeechent hien Antihelden, déi vun

engem onerreechbare Gléck dreemen. De P. G. huet eng autobiographesch Erzielung *Fir meng Mamm aus engem laange Bréif*, eng Sammlung mat Geschichten *De Monni aus Amerika* an e Roman *Mäi Frënd Benn* publizéiert. 1993 an 2013 krut hien de Servais-Präis an 2002 de Batty-Weber-Präis fir säi Gesamtwierk.

**Gast Groeber** (*1960)

De G. G. huet fir d'éischt als Schoulmeeschter, dono als Leeder vum *Centre technolink* vun der Stad Lëtzebuerg geschafft. 2010 huet hie mat sengem Jugendroman *De Griss* (2010) ugefaangen ze schreiwen, deen an der Traditioun vun den Enid-Blyton-Romaner d'Geschicht vun enger Band vu Jonker erzielt, déi Frëndschaft mat engem ale Mann schléissen, deen aus der Duerfgemeinschaft ausgegrenzt gëtt. De Roman thematiséiert d'Ängschten an d'Liewensastellunge vu jonke Mënschen sowéi d'Wäerter vu Frëndschaft, Solidaritéit a Respekt.

**Nico Helminger** (*1953).

Den N. H. huet fir d'éischt als Lycéesproff geschafft, zënter 1984 ass hie fräien Auteur. Enn den 1970er Joren huet hie literaresch Texter mat sozialer a politescher Funktiounszouweisung geschriwwen. Sou gi beispillsweis a senge gesellschaftskriteschen Dramen *de schantchen* (1989), *Miss Minett* (1993) a *schwarzloch* (2006) d'Problemer vum Minett gewisen. A senger Lyrik, wéi z. B. *landschaft mit seilbahn* (1986), verknäppt hien Ideologie- a Sproochkritik mat Formalästhetik. D'Sujeten am Wierk vum N. H. si politesch Ereegnesser an Alldagsphänomener. Vrun allem zënter dem Enn vun den 1990er Joren thematiséiert den Auteur d'Simulatioun vu virtuelle Welten, wéi beispillsweis an *f@king love and death sou niewebäi*, awer och d'Konsequenze vun enger Iwwerlagerung vu Fiktioun a Realitéit. Den N. H. huet och Kannerstécker geschriwwen (ë. a. *So, wéi ass dat... mat der Léift* ? (1985)), wouran hien ethesch Grondsätz vermëttelt. Den Auteur krut 2008 de Batty-Weber-Präis fir säi Gesamtwierk an 2014 de Servais-Präis fir seng Gedicht-Anthologie *Abrasch*.

**Jhemp Hoscheit (*1951)**

De J. H. ass Proff an engem Lycée. Hie schreift haaptsächlech Romaner, Gedichter, Cabarets- an Theatertexter, Kanner- a Jugendbicher op Lëtzebuergesch. Fir säin éischte Roman *Perl oder Pica***,** an deem hien d'Erliefneswelt vun engem zwielef Joer ale Bouf an den 1960er Joren duerstellt, krut den Auteur 1999 de Servais-Präis. 2006 koum mat *Aacht Deeg an der Woch* en zweete Roman eraus, an deem e jugendlechen Erzieler, e begeeschterte Beatles-Fan, iwwert de Mee 1968 zu Lëtzebuerg verzielt. Fir de Roman *Klangfaarwen* krut de J. H. den 3. Präis beim Nationale Literaturconcours 2010.

**Josiane Kartheiser (*1950)**

D'J. K. war Journalistin a spéider Chargé de cours fir Lëtzebuergesch. Si publizéiert Lyrik, Kuerzgeschichten, Cabarets-Texter, Lidder, Theaterstécker, Héierspiller, literaresch Reesberichter, Kannerliteratur a Literaturkritik op Däitsch a Lëtzebuergesch. An hiren Texter thematiséiert si mat de Mëttele vun der Ironie, Satire an dem Humor mënschlech Uleies an der moderner Gesellschaft, d'Isolatioun vum Eenzelnen sowie modern Tendenzen, déi de Mënsch vum Wiesentlechen ofbréngen.

**René Kartheiser** (*1926)

De R. K. war Fonctionnaire a staatleche Verwaltungen. Hien huet fir Erwuessener a Kanner op Lëtzebuergesch geschriwwen (*Nuets as d'Welt ronn (1971)*, *Eng Päif laang (1972)*). Hien analyséiert a sengen autobiographesch getéinte Prosagedichter, Kuerzgeschichten a Mikrotexter Ereegnesser an Zoustänn, déi en zwar kritesch gesäit, mee deenen hien awer ëmmer och eng positiv Säit ofgewanne kann. Säi Gedicht *Hätt ech!* Huet dem Auteur den éischte Präis beim Nationale Literaturconcours abruecht.

**Georges Kieffer** (*1962)

De G. K. ass Engleschproff. Hie schreift Romaner op Lëtzebuergesch. A sengem éischte Wierk *Schierbelen,* fir dat en 1997 – ex aequo mam Georges Hausemer – den éischte Präis beim Nationale Literaturconcours krut, thematiséiert den Auteur op eng surrealistesch Manéier d'Komplexitéit vun de Gefiller. Säi psychologesche Kriminalroman *D'Kaya* zeechent sech duerch de bannenzege Monolog aus.

**Pir (Pierre) Kremer** (1919-2000)

De P. K. huet an der Compabilitéit vu *Ponts & Chaussées* geschafft. Vun 1962 un huet en ënnert dem Numm Pik Theaterrevuë fir de Lëtzebuerger Theater geschriwwen, dacks an Zesummenaarbecht mam Pol Pütz. Ganz bekannt gouf hie mat sengem satiresche Wocheréckbléck *De Staminet*, deen RTL vun 1964 bis 2000 diffuséiert huet. Hie gehéiert zu deene beléifste Satiriker vu Lëtzebuerg. Hien huet sech op eng humorvoll-ironesch Manéier souwuel mat der aktueller Landespolitik wéi och mat de Lëtzebuerger Eegenaarten an allgemenge Sujete wéi ë. a. dem Sport literaresch ausernee gesat. Vill vu senge Gedichter goufen an den dräi Sammelbänn *Zesummegepiktes*, *Repikéiert*, *Nogepiktes* publizéiert. Eng ganz Parti vum P. K. senge Gedichter goufe vum Jean-Pierre Kemmer vertount.

**Edmond de La Fontaine** (Pseudonym : Dicks) (1823-1891)

Den E. d. L. F. huet ë. a. als Affekot an Ergänzungsriichter geschafft. Mat sengem Spottgedicht op d'Chamber *D'Vulleparlament am Gréngewald* (1848) gouf hie mat engem Schlag bekannt. Groussen Erfolleg hat hie mat sengen Operetten op Lëtzebuergesch wéi *De Scholdschäin* (Uropféierung: 25. Februar 1855; publizéiert 1856) oder *D'Mumm Séiss* (1856). Donieft huet hie Stëmmungslyrik an erzielend Gedichter geschriwwen, déi deelweis humoristesch, ironesch, satiresch oder deelweis besënnlech sinn. Hien huet sech ë. a. och wëssenschaftlech mat der Orthographie vum Lëtzebuergeschen, grad wéi mat Lëtzebuerger Soen, Bräich a Legende befaasst.

**Henri Losch** (*1931)

Den H. L. war Schoulmeeschter a Mataarbechter bei enger ganzer Rei Léierbicher fir d'Lëtzebuergescht. En huet sech als Theater- a Filmschauspiller an Dréibuchauteur – *Déi zwee vum Bierg* (1985), *De falschen Hond* (1989) – ervirgedoen. A sengen autobiographesche Kuerzgeschichten si Krichserënnerungen an den Alldag am besatene Grand-Duché – meeschtens mat Kannerae gesinn – en zentraalt Thema. Den H. L. schreift ausserdeem Kanner- a Jugendliteratur an der Traditioun vun den Abenteuergeschichte vum Enid Blyton.

**Roger Manderscheid** (1933-2010)

De R. M.  huet als Beamten am Aarbechts- an dono am Kulturministère geschafft. Ënnert dem Zeeche vum Protest huet hien an de fréien 1970er Joren ugefaang mat Schreiwen. A sengen Texter, Dréibicher, Héierspiller a Spillfilmer beschreift hien déi lëtzebuergesch Verhältnesser als anengend. Hie wollt d'Lëtzebuerger Literatur aus dem Ghetto vun der Provënzliteratur erausféieren an huet fragmentaresch an experimentell Forme vu Literatur wéi d'Héierspill ausprobéiert.

An den 1980er Joren huet de R. M. vum Däitschen op d'Lëtzebuergescht als Literatursprooch gewiesselt mat senger autobiographesch geprägter Romantrilogie *schacko klak*, *de papagei um käschtebam* (Servais-Präis 1992) a  *feier a flam*, déi an der Krichs- an Nokrichszäit spillt. Domat gouf de R. M. mam Guy Rewenig zum Pionéier fir den Neie Lëtzebuerger Roman. No 2000 huet hien erëm op Däitsch geschriwwen, *schwarze engel, kühe im nebel* oder *kasch* stinn am Zeeche vun neie Sproochexperimenter an enger kritesch-reflexiver Eegereferenz. 1990 krut hien de Batty-Weber-Präis.

**Roland Meyer** (*1963)

De R. M. ass Schoulmeeschter a schreift Jugendbicher op Lëtzebuergesch an Däitsch. D'Romantrilogie *Eng Foto vum (Klëppel) Krich*,  *Dem Kinnek  säi Gaart* an *Iwwer der Leder* (2000-2003) nennt hie Kannertheater-Romaner, well Theaterstécker, dramatesch Zeenen a Lidder an de Prosatext integréiert sinn. Op verschiddenen erzielereschen Niveaue ginn Abenteuer- a Kriminalgeschichte mat Reflexiounen zu Jugendproblemer wéi Kannerpornographie, Mësshandlung, Ënnerdréckung a Gewalt an der Schoul oder Friemefeindlechkeet verknäppt. Zënter 1988 ass de R. M. Regisseur an Auteur a vun 1994 u leet hien d'Kannertheatertrupp *Den Holzwuerm-Park Housen.*

**Claudine Muno** (*1979)

D'C. M. ass Chargée de cours fir Museks- an Theaterunterrecht. Si publizéiert Romaner, Erzielungen, Kannergeschichten, BDen an Theaterstécker op Englesch, Franséisch, Däitsch a Lëtzebuergesch. An hir Jugend- a Familljegeschichte sinn Elementer aus Märercher integréiert, iwwerdeems d'Autorin an hire gesellschaftstkritesche Wierker d'Gefaangenheet vum Eenzelnen an Denkstrukturen a Regelsystemer analyséiert. 2004 gouf si fir de Roman *frigo* mam Servais-Präis ausgezeechent. D'C. M. ass och als Sängerin bekannt an huet eng Rei Museksalbumen, zum Deel mat hirer Museksgrupp, veröffentlecht.

**Arthur Philippe** (*1925)

Den A. P. huet als Handwierker bei der Lëtzebuerger Bunn geschafft. Am *Band ...an du goung et no Osten* (2005) erzielt hie vu senge Jugenderënnerungen als Zwangsrekrutéierten un der Ostfront.

**Pol Pütz** (1947-2012)

De P. P. huet bei der Gendarmerie, bei Interpol a bis 2002 bei der Kriminalpolizei geschafft. Als Mataarbechter vu Revuen huet hie satiresch Texter, Sketcher a Cabaretstexter iwwert d'Lëtzebuerger Politik an d'Gesellschaft geschriwwen. Vun 1974 un huet hien ënnert dem Pseudonym PoP (dacks zesumme mam Pir Kremer) d'Texter fir d'Lëtzebuerger Revue geschriwwen. 1980 hat den Auteur e grousse Succès mat sengem Musical *Hopp Marjänn* (Musek vum Pierre Nimax). De P. P. huet och Gedichter a Kuerzgeschichte geschriwwen.

**Guy Rewenig** (*1947)

De G. R. huet fir d'éischt als Schoulmeeschter geschafft, zënter 1984 ass hie fräiberuffleche Schrëftsteller a Publizist. Vun 1963 u publizéiert hie gesellschaftskritesch a satiresch Gedichter, Prosatexter an Theaterstécker zu politeschen, sozialen a kulturelle Sujeten aus dem Grand-Duché. Och wéinst sengem éischte moderne Roman op Lëtzebuergesch *Hannert dem Atlantik* (1985) spillt de G. R. eng eminent wichteg Roll fir d'Lëtzebuerger Literatur. A senge weidere Wierker huet den Auteur d'Klengbiergerlechkeet, d'Duebelmoral an d'Loschtfeindlechkeet am Grand-Duché op d'Schepp geholl.

Zënter 1963 kommen dem G. R. seng Bäiträg a sëllechen Zeitungen eraus. Vun 1970 un huet hien als Theater-Auteur ugefaang. Seng sozialkritesch Drame geheien e satiresch-kritesche Bléck op d'Lëtzebuerger Gesellschaft sou z. B. *Eisefrësser* (1994), *Botz* (1997), *Ventilator* (1999). Zënter 1973 schreift hien och Kannerliteratur a bis haut ass *Muschkilusch* (1990) dat Kannerbuch mat deem gréissten Erfolleg zu Lëtzebuerg. Am Joer 2000 huet den Auteur mam Roger Manderscheid de Verlag *ultimomondo* gegrënnt. 2010 krut de G. R. de Batty-Weber-Präis an zweemol de Servais-Präis (2006 an 2010).

**Rich Ruppel** (*1946)

De R. R. huet als Setzer an Drocker geschafft. Hien huet sech fir d'éischt fir Musek a Kompositioun interesséiert. Säin éischte Roman *Eis Jongen ginn agezunn* huet hien 2011 erausbruecht.

**Raymond Schaack** (*1936)

De R. S. war Lycéesproff. Hie schreift Gedichter op Franséisch, Däitsch a Lëtzebuergesch, an deenen hie Stëmmungsbiller aus der Natur, Séilelandschaften a Lëtzebuerger Kulturdenkmäler beschreift. Seng Sammlung vun Haikuen *Das Atmen des Steins* (2006) stëmmt nodenklech-medidativ. A verschiddenen Zäitschrëften huet hien Erzielungen a Kuerzgeschichten op Lëtzebuergesch veröffentlecht.

**Sandra Schmit** (*1972)

No ënnerschiddlechen Aarbechten a Studien schafft d'S. S. zënter 2001 als wëssenschaftlech Mataarbechterin am *Lëtzebuerger Literarurarchiv* zu Miersch. Si huet Bäiträg iwwer Literatur an och Iwwersetzungen aus dem Engleschen an an d'Englescht publizéiert. Hir Erzielung *A Winter Tale* (2005) an der Traditioun vun der Popliteratur entwerft eng erotisch-sexuell Konstellation tëscht enger Studentin an dräi Bridder, woubäi ënnerschiddlech Liewensprojete presentéiert ginn.

**Jemp Schuster** (*1948)

De J. S. huet fir d'éischt Sport enseignéiert, zënter 1985 ass hie fräiberuffleche Schrëftsteller, Theaterschschauspiller a Regisseur. Hie schreift Kannertheater, historesch a sozialkritesch Theaterstécker a Cabaret op Lëtzebuergesch. Zënter 1993 huet hien eege Stécker op verschiddene Fräiliichtbühnen inszenéiert ë. a. *De Schankemännchen* (1993), *De Porrette King* (2006) an *De falsche Méchel* (2006). Och wa seng Stécker dacks vrun engem historeschen Hannergrond spillen, thematiséiere se sozial an tëschemënschlech Problemer.

**Putty (Pierre-Ernest) Stein** (1888-1955)

De P. S. huet fir d'éischt an der Forstverwaltung an dono vun 1920 bis 1955 als Fierschter bei der ARBED geschafft. Hie gëllt als Papp vum Lëtzebuerger Chanson an huet iwwer 200 Lidder verfaast, dorënner och gesellschaftstkritescher, satirescher an antiklerikaler, vun deenne haut nach eenzelner bekannt sinn, wéi z. B. *De schéine Poli, Déi Schnëss* oder *D'Quiselchen.* A senge Liddertexter, an deenen en net seele mënschlech Charakterschwächten dokumentéiert, huet de P. S. de Lëtzebuerger Klengbierger de Spigel dohi gehalen. Seng sproochkreativ Texter sinn Temoignagë vun enger Generatioun, déi sech d'Befreiung vu kierchleche Virschrëften an déi geeschteg Emanzipatioun vum Vollek zum Zil gesat hat.

**Serge Tonnar** (*1970)

De S. T. schafft zënter 1997 als Fräiberuffler an der Museks-, Film- an Theaterzeen. Hie spillt a verschiddene Museksgruppen, ass och Museksproduzent a Komponist an huet ë. a. och den CD *In case of reality* (2001) a *Legotrip* (2003) erausginn. A senge lëtzebuergesche Stécker wéi z. B. *Schlof Këndche, schlof*, *Talkshow* (2004) oder *Exit Lëtzebuerg* (2006) persifléiert a kritiséiert hien déi exhibitionistesch Presentatioun vun den Emotiounen an dem Privatliewe vun de Leit an de Medien. Seng rezent CDen, Klasseklon an LegoLive, d'Live-Opnam vun der Bang Legotrip hirem Bopebistro-Tour, hu vill Succès.

**Charles Winandy** (*1914)

De Ch. W. war Staatsbeamten an huet verschidde Bäiträg an *Eis Sproch* an an der Zäitschrëft *Rappel* vun der L.P.P.D. (Ligue Luxembourgeoise des Prisonniers et Déportés politiques) publizéiert.